ANDRÉ RODRIGUES LARISSA RIBEIRO PAULA DESGUALDO PEDRO MARKUN

# ET SI WALEN AM DSCHUNGEL




Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

ZpB
Fondatioun
Zentrum fir politesch Bildung



ANDRÉ RODRIGUES LARISSA RIBEIRO PAULA DESGUALDO PEDRO MARKUN

# ET SI WALEN AM DSCHUNGEL



Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

ZpB
Fondatioun
Zentrum fir politesch Bildung



Am ganzen Dschungel gëtt iwwer näischt aneschters méi geschwat.

De Léiw huet de Floss ëmgeleet an sech mat deem Waasser direkt viru senger Höl eng Schwämm gebaut!



Dat ass awer däers Gudden ze vill, fannen déi aner Déieren. Si hunn es sat mat him a froen sech esou lues, ob de Léiw iwwerhaapt de Kinnek vum Dschungel sollt sinn.



Si decidéieren, bis bei seng Schwämm ze goen, fir eng **MANIFESTATIOUN** ze organiséieren.



Mee dem Léiw war dat wurscht.

Also hunn d'Déieren iwwerluecht,
wéi se e bessere Chef kréie kéinten.
Oder eng besser Cheffin.





FIR D'WALE STELLEN ALLEGUERTEN DÉI, DÉI REGÉIERE WËLLEN, HIRE PROGRAMM AN HIR IDDIE WÄREND ENGER WALCAMPAGNE VIR.

DUERNO WIELT ALL WIELERIN AN ALL WIELER DÉI KANDIDATIN ODER DEE KANDIDAT, DÉI ODER DEEN HINNEN AM BESCHTE GEFÄLT.



D'STËMME GI GEZIELT A WIEN DÉI MEESCHTE STËMME KRITT, GËTT PREMIERMINISTER ODER PREMIERMINISTERIN.



... AN DIERF BIS DÉI NÄCHST WALEN DE CHEF ODER D'CHEFFIN SINN.

Also entscheeden d'Déieren,
Walen am Dschungel ze organiséieren.



Den Af, d'Fauldéier an d'Schlaang stellen direkt hir Kandidatur, fir Premierminister oder Premierministerin ze ginn.

Wéi de Léiw dat héiert, wëll hien net iwwergaange ginn. E puer Déieren hu protestéiert, mee laut de Reegele konnt hien sech och fir d'Walen opsetzen.






# LÉIF WIELERINNEN A LÉIF WIELER,

Ech sinn e Léiw aus guddem Haus.
Ech stamen aus enger aler traditioneller Famill vu Léiwen, déi alleguerte Kinneke vum Dschungel waren. Et war keen anere wéi mäin dichtegen Urgrousspapp, deen déi eekeleg Sténkdéiere verdriwwen huet, fir datt all déi aner Déieren a Fridde liewe konnten. Mat der Ëmleedung vum Floss an dem Bau vun der kinneklecher Schwämm hunn ech den Afen Aarbecht beschaaft.
Wielt fir d'Traditioun, wielt de Léiw!




# FIR D'ALLERÉISCHT: ERAUS MAM LÉIW!

Mir goufen ugeschmiert. Eis gouf versprach, d'Afe kéinten d'Schwämm och benotzen. De Kinnek ass hannerhälteg an esou schmiereg wéi eng faul Bananneschuel. Mat menger **REGIERUNG** geet alles anescht. Jidderee kritt eng Höl oder en Ënnerdaach. Schluss mat de Ligen, wielt den Af!




# ECH SINN ENG SCHLAANG VUM VOLLEK!

Genee wéi dir, sinn och ech e Kand vum Dschungel. Ech si scho vill iwwer dëse Buedem gekroch a kennen all Eck an all Nascht. Zesummen hu mir Dréchenten, Bëschbränn a Jeeër iwwerlieft. Zesumme si mir staark. Wielt d'Schlaang!




# LÉIF DÉIEREN,

Et ass un der Zäit, eis gemeinsam Zukunft an d'Hand ze huelen. Mat oppenen Aen an Ouere lauschteren ech, wat all eenzele vun Iech ze soen huet. Beurteelt mech net no mengem Numm, ech sinn net liddereg. Ech sinn net presséiert, well eng gutt Regierung entsteet net an engem Dag. Mee mat Rou a Gedold ass näischt onméiglech!

Wéi de Walkampf lassgeet, probéieren d'Kandidatinnen an d'Kandidaten, déi aner Déieren dovun ze iwwerzeegen, si ze wielen. Si erklären, firwat d'Liewen esou vill besser am Dschungel gëtt, wann si gewielt ginn.



Si trieden an Emissiounen am Fernsee op,

maache Selfië mat aneren Déieren,

verdeelen Ziedelen,

si diskutéieren …




si organiséiere
**WALKAMPFVERSAMMLUNGEN**,

si maachen de Geck mat
deenen anere Kandidatinnen
a Kandidaten (obwuel dat
net léif ass),

si hänke Plakater op

an diskutéieren nach méi.

Si huelen och un engem **DEBAT** deel. Hei stellen si deenen anere Kandidaten a Kandidatinne Froen an erzielen hinne vun hirem Programm an hiren Iddien.







Heiansdo schwätzen se vu Saachen, déi wichteg fir den Dschungel sinn, an heiansdo vu manner wichtege Saachen.





Um Dag vun de Wale stellen d'Déieren
sech all an eng laang Schlaang, fir hir
Walziedelen an eng **URN** ze geheien.
Well d'Walen si jo geheim.

D’Eil ass responsabel fir d’Stëmmen ze zielen.
Den Af gëtt disqualifizéiert, well hie géint déi 6.
Wal-Reegel verstéisst an de Wielerinnen a Wieler
wärend dem Walkampf Bananne schenkt.




An zum Schluss gewënnt ...

D’Fauldéier!



An natierlech ginn d'Meenungen
zum Walresultat auserneen.





Mee si kommen all zesummen, fir dem Fauldéier seng Ried ze lauschteren.

## BEI DËSE WALEN HUNN ECH GANZ VILL VUN IECH GELÉIERT.

Ech hu geléiert, datt de Léiw am Fong geholl nëmmen Unerkennung fir seng Aarbecht wëll; datt den Af eigentlech eng Plaz brauch, wou hie spille kann; datt et der Schlaang wichteg ass, datt déi aner Déiere verstinn, datt si keng Gëftsprëtz ass; datt d'Eil gär eng Schoul hätt, fir deene jonke Vullen d'Fléie bäizebréngen, an datt all eenzelt Déier seng eege Wënsch an Erfarungen huet. Si sinn all op hir eege Manéier wichteg.
Fir d'éischt grënne mir e Rot, fir matenee beschwätzen ze kënnen, wéi d'Zesummeliewen am Dschungel an Zukunft ausgesi soll.
Gemeinsam, an ouni Stress!

An esou huet den Dschungel sech
eng nei Premierministerin an en neit
**PARLAMENT** ginn…
Bis dat nächst Fréijoer!





## DU BASS NET ZEFRIDDE MAM RESULTAT?

Esou sinn d'Walen nun emol – wien déi meescht Stëmme kritt, gewënnt d'Walen. Am Fall vun dësem Buch hunn d'Kanner, déi an den Atelieren a Brasilien den Auteure gehollef hunn, ofgestëmmt. Et kéint awer och anescht sinn. Wie géings du wielen? Erfann en anere Schluss fir d'Geschicht a schreif eis! Einfach an de sozialen Netzwierker mam Hashtag **#etsiwalenamdschungel** posten.

## WAT HEESCHT...



**DEBAT:** Diskussioun tëschent de Kandidaten a Kandidatinnen, déi Froe beäntweren a vun hiren Iddien erzielen.

**DEMOKRATIE:** Regierungsform, bei där d'Leit duerch Walen entscheeden, wien d'Land regéiere soll. An dësem Fall ass d'Land den Dschungel.

**KANDIDAT/KANDIDATIN:** Esou heeschen déi Leit, déi vum Vollek wëlle gewielt ginn.

**MANIFESTATIOUN:** Mënschen (oder Déieren, wéi et hei am Buch ass), déi zesumme protestéieren, fir hir Meenung ze soen.

**PREMIERMINISTER/ PREMIERMINISTERIN:** Déi Persoun, déi an enger Demokratie de Chef oder d'Cheffin vun der Regierung ass.

**PARLAMENT:** E Parlament ass eng Volleksvertriedung. Am Parlament sëtzen Leit, déi direkt vum Vollek gewielt goufen. D'Parlament kontrolléiert d'Regierung a passt op, datt si näischt Falsches mécht. Zu Lëtzebuerg leet d'Parlament d'Reegele fest, déi fir jiddereen gëllen.

**REGIERUNG:** E Grupp vu Leit, deen dofir suergt, dass d'Reegele gëllen an agehale ginn.

**URN:** Zoue Këscht, an déi d'Walziedele geheit ginn.

**VIZE-PREMIERMINISTER/ VIZE-PREMIERMINISTERIN:** Persoun, déi dem Premierminister oder der Premierministerin hëlleft.

**STËMM/VOTT:** D'Entscheedung, déi d'Leit beim Wielen treffen.

**WALCAMPAGNE:** Hëlleft de Kandidatinnen a Kandidaten, déi sech fir d'Walen opsetzen, bekannt ze ginn.

**WALEN:** An enger Demokratie gi Vertrieder a Vertriederinne vum Vollek gewielt. Déi Persoun, déi d'Wale gewënnt, ass den neie Chef oder déi nei Cheffin vun der Regierung.

**WALKAMPFVERSAMMLUNG:** Ëffentlech Versammlung, an där d'Kandidatinnen an d'Kandidaten hire Programm virstellen.

**WIELER / WIELERIN:** Leit, déi bei de Walen hir Stëmm ofginn.

## WÉI DËST BUCH ZUSTANE KOUM

"Et si Walen am Dschungel" ass dat zweet Buch aus enger brasilianescher Serie iwwer Politik, déi mat a fir Kanner gemaach ginn ass. D'Buch ass d'Resultat vun enger kollektiver Zesummenaarbecht, un där vill Hänn bedeelegt waren.

Am Ganzen si fënnef Workshops an de brasilianesche Stied São Paulo a Florianópolis mat Kanner gemaach ginn. Wärend dësen Aktivitéite sinn d'Déieren an d'Geschicht integréiert ginn an et ass un enger Wal deelgeholl ginn. Alles, wat wärend dëse lëschtegen an iwwerraschenden Momenter geschitt ass, huet dëst Buch inspiréiert. Et invitéiert op e konstruktiven Dialog tëscht Kanner an Erwuessenen a soll zum Nodenke bréngen.



## AUTEUREN

Den **ANDRÉ RODRIGUES** ass Grafiker. Hie verbënnt seng Aarbecht gäre mat sozialen a kulturelle Sujeten aus de Beräicher Ëmwelt, Bildung, Mobilitéit a Rechter vu Minoritéiten.

D'**LARISSA RIBEIRO** ass Grafikerin an Illustratrice vu Kannerbicher. Si erfënnt gäre Spiller a Puzzelen, fir mat abstrakte Formen ze spillen an domat flott Illustratiounen ze erschafen.

D'**PAULA DESGUALDO** ass Journalistin mat engem Master-Diplom an der Pädagogik. Si schreift Bicher fir Kanner, déi sech ronderëm d'Theme Gesondheet, Bildung a Kultur dréien.

De **PEDRO MARKUN** ass en Hacker an Aktivist fir Transparenz an oppen Donnéeën. Hie schreift Bicher an entwéckelt Spiller, déi Kanner an Erwuessener dobäi hëllefen, iwwer Politik ze schwätzen.

D'**KANNER**, Meedercher a Jongen am Alter vu 4 bis 11 Joer, goufen a fënnef formidabel Gruppen opgedeelt an hunn d'Rolle vun den Déieren am Dschungel gespillt, fir dëst Buch an d'Liewen ze ruffen.

CC BY-NC

Dëst Wierk ass geschützt duerch d'Creative Commons Attribution-NonCommercial 4.0 International. Eng Kopie vun dëser Lizenz fannt Dir hei: https://creativecommons.org/licenses/by-nc/4.0/.

© brasilianesch Original-Editioun: 2018, Companhia das Letras, São Paulo
Titel vun der Original-Editioun: Eleição dos Bichos
© lëtzebuergesch Editioun: Zentrum fir politesch Bildung
© Text an Illustratiounen: 2018, André Rodrigues, Larissa Ribeiro, Paula Desgualdo und Pedro Markun


Titelbild a grafesch Gestaltung:
ESTÚDIO REBIMBOCA

Vum Portugiseschen an d'Lëtzebuergescht iwwerdroe vum:
RITA SCHMIT

Drock:
Reka SA
Ilot Est, 2 Z.a.R.E. Est
4385 Ehlerange Mondercange

Déi lëtzebuergesch Editioun gouf realiséiert vum Zentrum fir politesch Bildung, mat der Ënnerstëtzung vun der Chambre des Députés.





## Et ass Fréijoer am Dschungel.

**D'Déieren hunn es genuch mat hirem Kinnek an organiséieren HIR ÉISCHT WAL.**




ISBN 978-2-919788-16-3